Fitness Club Jonglënster

Lëtzebuerg, den 23 septembre 2025

Léif Memberen,

Heimat invitéieren mir Iech ganz häerzlech op d'Generalversammlung vum Fitness Club Jonglënster.

Vue dass mir de « Fitness Club Jonglënster » an d'a.s.b.l. « Fitness Club Jonglënster a.s.b.l. » ëmwandelen, ass dat heiten déi lescht Generalversammlung vun eisem aktuelle Club.

D'Generalversammlung fënnt statt:

**Freides, den 24. Oktober 2025 um 18:30 Auer**

**am Restaurant « Le Gourmet »**

Centre commercial Langwies II, 7 rue Nicolas Glesener, L-6131 Jonglënster

Dagesuerdnung :

1. Begréissung vun der Presidentin
2. Kontroll vun de Présencen
3. Rapport vun den Aktivitéiten vun der Saison 2024-2025
4. Rapport vun de Finanzen vun der Saison 2024-2025
5. Erklärungen betreffend den Iwwergang vun eiser Association de fait « Fitness Club Jonglënster » op eis nei Association sans but lucratif « Fitness Club Jonglënster a.s.b.l. » mat der Ofstëmmung betreffend d'Opléisung (dissolution) vun eiser Association de fait an d'Vermächtnis vum ganze Patrimoine un eis nei A.s.b.l.
6. Divers

Am Uschloss un eis Generalversammlung invitéiere mir Iech op en Iessen mat enger Onkäschtebedeelegung vu 25 € fir all Member am Restaurant « Le Gourmet ». Detailer fannt Dir am Unhang.

Mat léiwe Gréiss un all eis Memberen.

Caroline SINNES<br>Presidentin

Annexe : Mandat<br>Flyer Restaurant « Le Gourmet »